

Communiqué

Mat engem Flyer huet d'Post Luxembourg Enn August ugekënnegt, de Postbüro zu Habscht den 31. August 2021 definitiv zouzemaachen. Dat nodeems dee Büro schonns am Mäerz 2020 „provisoresch“ wéinst der sanitärer Kris vum Covid-19 seng Dieren zou gemaach hat.

De Schäfferot vun der Gemeng Habscht bedauert deen eesäitege Schrëtt vun der Post, zemools schonns de Postbüro zu Äischen 2016 zougemaach gi war. Dëse weidere Réckzuch vun engem Staatsbetrib aus eiser Regioun geet géint d'Ustregunge vun der Gemeng fir Liewen an Aktivitéiten an den Dierfer ze behalen a widdersprécht zudeems och der sozialer Roll, déi ee Staatsbetrib eigentlech ausfëlle soll.

De Schäfferot vun der Gemeng Habscht

Communiqué

Fin août, l'entreprise de la Post Luxembourg a annoncé par flyer la fermeture définitive de son bureau de Hobscheid à partir de la date du 31 août 2021. Ceci tout de suite après la fermeture « provisoire » du bureau en mars 2020 due aux suites de la crise sanitaire du Covid-19.

Le collège échevinal de la Commune de Habscht déplore cette mesure unilatérale de la part de l'entreprise de la poste, surtout vu la fermeture du bureau postal d'Eischen, déjà décidée en 2016. Par ce retrait d'un établissement public dans notre région, les efforts de la commune sont contrecarrés de préserver dans les villages une vie communale active et attractive. En plus, cette décision ne correspond pas au rôle social d'une entreprise étatique.

Le collège échevinal de la Commune de Habscht